adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Juni 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

An enger gemeinsamer Sëtzung vun de Chamberkommissioune vun der Justiz an der bannenzeger Sécherheet um 24. Juni 2020, huet d'Madamm Justizminister Tanson op déi aktuell Rekrutementsproblemer bei der Justiz opmierksam gemaach. Si huet gemengt, datt een eventuell och misst, wéi bei der Police, d'Konditioune fir den Accès an d'Justiz iwwerdenken.

An deem Kontext wéilte mir der Madamm Justizminister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi hu sech d'Konditioune fir den Accès an d'Magistratur an deene leschte Joren entwéckelt?
2. Wéi verleeft aktuell de Rekrutement a wéi vill Poste stinn a wéi enger Karriär op?
3. Denkt d'Madamm Minister drun, den Accès an d'Justiz, speziell an d'Magistratur, fir Auslänner opzemaachen? Wa jo, wéini an ënner wéi enge Konditiounen?
4. Denkt d'Ministesch drun, fir eeleren Affekoten, déi op laangjäreg Erfarung kënnen zréckkucken, eng Entrée an d'Magistratur ze erméiglechen? Gutt Erfarunge goufe jo sengerzäit mat dësem System gemaach, wéi déi administrativ Jurisdiktioune geschaf goufen. Wann nee, wou läit de Problem?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten